**Embargo bis den 8. Oktober 2020 um 10 Auer**

(Et zielt dat geschwate Wuert)

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Mir stinn haut hei beim Lëtzebuerger Wort, well et em e Skandal sans pareil geet. Et geet em 80 Léit, déi ofgebaut ginn. Mais dat geet guer net duer! Hei geet et em vill méi. Hei geet et em d'Iwwerliewe vum Wort! Wat wëll d'Direktioun eigentlech? Welle si iwwerhaapt nach e Wort drécken? Gett et muer nach eng Zeitung?

Bei engem Sozialplang vun 80 Léit kann een sech dat ganz sérieux froen: Eng Réi Servicer ginn outgesourct, ¼ vun der Redaktioun mat de Journalisten si fort, ¼ vun der Beleegschaft ass no de Pläng vun der Direktioun net méi do! Déi ganz Aarbecht bléift awer! D'Direktioun huet am September e ganz staarkt Stéck higeluecht: De 4. Sozialplang an 10 Joer! Kritt d'Direktioun eng Primm dofir?

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Zenter Abrëll fuerdert den LCGB eng kloer Positioun vun der Direktioun zum Standuert Lëtzebuerg an zu der Beschäftegungsgarantie, dëst besonnesch zënter der Iwwernam vu Mediahuis. Den LCGB waart elo 6 Méint op eng Äntwert.

Hei nëmmen e klengen Echantillon vun onse Froen: Wat sinn d'Konsequenze fir d'Salariéen an der Entreprise? Haut sinn et der 80 manner! Muer eng wieder 80? Den LCGB kritt vun der Direktioun keen Zukunftsplang. An wann d'Direktioun an der Press annoncéiert „6 Poste sinn vum Sozialplang erof" - wou ass d'Garantie, dass déi 6 net a 6 Méint erëm op engem néie Sozialplang stinn? D'Direktioun huet sech bis haut net un d'Beschäftegungsgarantie gehalen. Firwat solle si dat dann elo an d'Zukunft maachen?

Et geet hei em d'Existenz vun der Zeitung! Wat sinn zukünfteg Projeten? Gett et de Print a 5 Joer nach? Gëtt alles digital? Mir wëllen net falsch verstane ginn, all Fortschrëtt huet seng Chance. Awer net op d'Käschte vun de Mataarbechter! Den „Digital first" gëtt als Allheelmëttel an d'Vitrinn gestallt: Dat heescht awer näischt aneschters, wéi dass de Journalist rubrikiwwergräifend, polyvalent am Print an am Digitale muss funktionéiere kënnen.

Den LCGB freet sech ganz sérieux, wat déi Direktioun mëscht, fir d'Erhaale vun den Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg? Huet D'Direktioun iwwerhaapt nach eppes ze soën, oder sinn et d'Belsch, déi alles diktéieren? Mat Versprieche kënne mir ons näischt kafen: d'Direktioun huet ëmmer erëm betount, dass et mat hinne keen Sozialplang gëtt. Bei der Reprise vu Mediahuis krute mir de selwechte Message. Haut wësse mir, d'Direktioun ass net bei der Wourecht bliwwen.

Wou ass d'Engagement vun der Direktioun, seng Mataarbechter ze ënnerstëtzen? D'Annonce vum Sozialplang ass déi falsch Äntwert. Den LCGB huet e staarke Kollektivvertrag verhandelt. Den Artikel iwwer d'Garantie de l'emploi seet ouni Mëssverständnes : pas de licenciements pour raison économique pendant la durée de validité de la convention !

D'Direktioun ass sech awer net ze schued all Grond ze fannen, géint dës Beschäftegungsgarantie ze goen: Déi strukturell Kris an der geschriwwener Press ass Schold. Den Covid-19 muss am Moment souwisou fir alles duerhalen. De Probleem ass awer d'Direktioun selwer: Déi sanitär Pandemie gëtt benotzt, fir sech virum eegene Missmanagement ze verstoppen. D'Direktioun well keen Sozialdialog, well déi Direktioun well net op onbequem Froe mussen äntweren. D'Direktioun ass sech ze schued, Hëllef bei Probleemer ze froen.

Esouguer bei der Entrevue mam Aarbechtsminister dëse leschte Méinden, déi op Initiative vum LCGB organiséiert ginn ass, huet d'Direktioun et mol net fir néideg fonnt, deelzehuelen. An der Entrevue beim Aarbechtsminister war d'Intentioun vum LCGB, all d'Méiglechkeeten auszeschöpfen, fir d'Aarbechtsplaatzen ze erhalen. Den Aarbechts minister ënnerstëtzt komplett dës Positioun.

D'Ewechbléiwe vun der Direktioun beweist ganz kloer: hier léit awer guer näischt drun, och nëmmen 1 eenzege Posten ze retten. Dëst beweist, wéi iwwerhieflech si géintiwwer den Autoritéiten an och hire Mataarbechter sinn. Den Aarbechtsminister huet an dësem Dossier d'Hand gereecht an alles gemaach, fir e positiven Dréi ze fannen, d'Situatioun ze deblockéieren an esou vill wéi méiglech op d'Erhale vun Aarbechtsplazen ze setzen. Dëse Schratt refuséiert d'Direktioun!

Onverständlech: d'Direktioun vum Wort sinn nämlech déi eenzeg hei am Land, déi all positive Wee op d'Séit drécken. Firwat? Steet d'Direktioun ënnert de Fuchtel vu Mediahuis? Mussen si „Op Teufel komm raus", e Restrukturéierungsplang duerchboxen, ouni dem Prinzip vum lëtzebuergesche Sozialdialog Rechnung ze droen? Joerzéngtelaang huet d'Wort iwwert dëse Modell Artikel geschriwwe – et wier gutt gewiescht, d'Direktioun hätt hier eegen Zeitung gelies.

An weider nach en Extrait aus dem Kollektivvertrag: „En cas de situation économique difficile nécessitant des restructurations au niveau du personnel, les partenaires sociaux négocient les modalités sociales en relation avec cette situation".

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Et ass hei onméiglech opzezielen, wéi oft den LCGB intervenéiert ass, fir mat an d'Aarbechten agebonnen ze ginn. Den LCGB huet all Kéiers seng Hëllef ugebueden, fir schwiereg Momenter mat ze léisen am Interêt vum Betrib a senge Mataarbechter. D'Direktioun ass daf op deem Ouer.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

An de Verhandlungen zum Sozialplang war den LCGB bereet, d'Garantie de l'Emploi an eng „garantie existentielle" ëmzeformuléieren. Dëst an Hisiicht, dass keen Salarié an de Chômage fällt, dëst ënnert dem Gesichtspunkt vun der Sauvegarde des existences. An dësem Sozialplang sinn vill Léit mat grousser Anciennetéit a mat vill Erfarung betraff. Déi sollen sech mat Grimmelen zefridde ginn? Et ass offensichtlech, dass déi Léit, déi de Betrib gutt kennen an déi, dem Wort jorelaang loyal zur Säit stoungen, musse goen. Anescht ass dëse Sozialplang net ze verstoen.

Dat ass och de Grond, firwat den LCGB sech fir eng „Garantie existentielle" asetzt. Dat heescht konkret: d'Verlängerung vum legale Preavis, fir et de Léit ze erméiglechen eng néi Aarbecht ze fannen an e richtege Plan de Formation et de Reorientatioun, deen eng Ënnerstëtzung fir d'Léit ass. Dat heescht net, dass Direktioun vun de betraffene Salariéë verlaangt, en perséinleche Projet virzedroen an deen duerno nach Lust und Laune een Accord kritt oder net. Den LCGB verlaangt e verstännege Montant, fir eng richteg Rekonversioun kënnen ze plangen an duerchzeféieren. Dëst ass d'Visioun an de Virschlag vum LCGB, fir d'Oprechterhale vun den Aarbechtsplazen!

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Dëse Sozialplang ass e Skandal! Et ass en Affront géintiwwer de Mataarbechter, déi een virun de Kapp stéisst an deenen hier Aarbecht vun der Direktioun komplett ignoréiert gëtt. Den LCGB fuerdert de Respekt vun der Beschäftegungsgarantie! Wat mëscht d'Direktioun an Mediahuis, fir d'Ofsécherung vun den Aarbechtsplazen? 80 Poste ginn ofgeschaaft fir der 250 ze erhalen. Déi Rechnung geet net op. Ginn 250 Salariéen duer, fir nach kënnen eng Zeitung erauszebréngen? Hei kann een sech schons Froen stellen…

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Den LCGB hat an de leschte Méint eng transparent Analyse vun der finanzieller Situatioun gefuerdert, déi vun der Direktioun refuséiert ginn ass. Firwat eigentlecht? Wat huet d'Direktioun ze verstoppen? Fanne mir dann ze schnell eraus, wat fir eng Masse salariale un de Kollektivvertrag gebonnen ass a wat fir en Deel op e puer Auserwählte opgedeelt gëtt? Ass dat de Präis vum Sozialplang?

D'Verhandlunge vun de Konditioune vum Sozialplang sinn ganz batter. D'Direktioun bitt eng Somm un, déi 25% ënnert de Konditioune vum Sozialplang vun 2012/2013 léit. Dës Propose ass fir den LCGB inakzeptabel. Mat dësem Minimum d'Maarbechter virun d'Dir ze geheien, ass eng Frechheet. Mat hirer Attitüd beweisen si, wat si vun hirem Personal an der geleeschten Aarbecht halen.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Den LCGB seet ganz kloer an dësem Kontext: keng Entloossunge beim Grupp Saint Paul. Fir all Platz gëtt gekämpft. Dofir fuerdert den LCGB och vun aneren Acteuren eng kloer Positioun: e staarkt Engagement vum fréiere Propriétaire. Den Äerzbistum hat vergiess am Kontext vun der Iwwernam vu Mediahuis op d'Beschäftegungsgarantie opmierksam ze maachen. Dofir appelléiert den LCGB un seng sozial Verantwortung zumindest e Geste ze maachen, wann et em den Invest an d'Formatioun an der Ëmorientéierung vun de Mataarbechter geet. Dëst Zeeche wier e staarkt Signal, fir d'Existenze vun de Salariéen an dem Betrib ofzesécheren. Un den aktuelle Propriétaire Mediahuis ass et den Appell, d'lëtzebuergesch Gesetzgebung an de Sozialmodell ze respektéieren.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Den LCGB verlaangt haut, dass de Sozialplang zréckgezunn gëtt an dass eleng d'Beschäftegungsgarantie gëllt. Den LCGB revendiquéiert en Zukunftsplang fir d'Iwwerliewe vun der Zeitung. Den LCGB fuerdert, dass de Kollektivvertrag 1:1 vun der Direktioun respektéiert gëtt. D'Direktioun vum Grupp Saint Paul soll endlech seng Verantwortung iwwerhuelen a mat Courage an d'Zukunft goen. Si muss e kloert Zougeständnes zu der Zeitung a senge Mataarbechter maachen.

Mir soen Iech Merci, dass Dir zu esouvill haut hei wart an och all deen, déi sech solidaresch mat de Mataarbechter vum Wort weisen an déi, deenen d'Wort um Häerz léit, e grousse Merci!

Merci fir d'Opmierksamkeet!